B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen

## Kapitel 4

# Léisungen Kapitel 4
## *Verschidden Aarbechtsberäicher* Säit 64+65

Enseignement
Finanzwiesen
Gesondheetswiesen
Handwierk
Landwirtschaft
Post an Telekommunikatioun

Enseignement



3

*Zum Beispill:* staatlech a Privatschoulen, ongeféier 10.000 Enseignanten, Grondschoul, Lycéeën, Erwuessenebildung an Uni

Gesondheetswiesen

1



*Zum Beispill:* 30.000 Leit, vill Frontalieren, d'Maison-medicalle sinn eng grouss Entlaaschtung

Landwirtschaft



4

*Zum Beispill:* Krittäre fir Biobauerebetriber si streng, Staat hëlleft mat Subventiounen, 6 % vun de Bauerenhäff zu Lëtzebuerg si bio-zertifizéiert

## Post an Telekommunikatioun




*Zum Beispill:* gréissten Employeur, 4.000 Employéen, 40 Nationalitéiten, vill verschidden Déngschtleeschtungen

## Handwierk




*Zum Beispill:* méi wéi 7.000 Handwierksbetriber mat ronn 90.000 Beschäftegten, 120 verschidden Aktivitéiten

## Finanzwiesen




*Zum Beispill:* 140 Etablissementer, 26.000 Leit schaffen do, wichteg Plaz fir Investmentfongen

# *Op der Aarbecht* Säit 66+67

*3. Lauschtert a liest d'Texter iwwert zwou ënnerschiddlech Aarbechtssituatiounen. Notéiert fënnef Ënnerscheeder.* *87*

| | Jean-Marc | Alain |
|---|---|---|
| Aarbechtsplaz | Employé op enger Bank | schafft an enger Pneuefabrick |
| sozial Kontakter | mat de Clienten, net vill mat de Kolleegen, schafft eleng | Ekipp vun aacht Leit, versteet sech gutt mat den Aarbechtskolleegen |
| Aarbechtszäite fréier | vun aacht Auer moies bis fënnef Auer nomëttes | op Schichten |
| Aarbechtszäiten elo | just moies wéinst engem Congé parental | just Fréischicht, 85 %, fir Franséischcoursen ze maachen |
| Verschiddenes | an Zukunft géing hien och gär e bësse vun doheem aus schaffen | muss och heiansdo de Weekend schaffen |

*4. Liest d'Definitioune vun deene verschiddenen Aarbechtsmodeller. Schreift dee richtege Begrëff dobäi.*

Eng normal Schaffwoch zu Lëtzebuerg huet 40 Stonnen; normalerweis schafft ee fënnef Deeg d'Woch aacht Stonnen. Wann een esou schafft, da schafft ee „ganz" oder „plein temps".

**Vollzäitaarbecht**

Verschidden Aarbechtsplaze verlaangen e Service ronderëm d'Auer. D'Aarbechtszäite vun den eenzelen Employéë wiesselen; et muss een heiansdo moies, heiansdo mëttes an heiansdo an der Nuecht schaffen.

**Schichtaarbecht**

Op villen Aarbechtsplazen huet een d'Méiglechkeet, just e gewësse Prozentsaz vun enger normaler Schaffwoch ze schaffen. Et kann een z. B. just hallef schaffen (mi-temps, 50 %), et kann een awer och 75, 80 oder 90 % schaffen.

**Deelzäitaarbecht**

Et gi just e puer Stonnen, wou et obligatoresch ass, op der Aarbecht ze sinn, z. B. tëschent 9 an 11 Auer an tëschent 14 a 16 Auer. Fir de Rescht kann ee sech seng Aarbechtszäiten opdeelen, wéi ee wëllt.

**flexibel Aarbechtszäiten / Horaire mobile**

Am Lëtzebuergesche gëtt et kee Wuert dofir. Et seet een einfach „vun doheem aus schaffen".

**Homeoffice / Teletravail**

# *Pläng a Projeten* Säit 68-70

*1 Liest d'Texter a completéiert se mat de Wierder aus der Këscht. Lauschtert d'Texter duerno a kontrolléiert.* 88-91



Ech sinn d'Sophie Jacobs, hu 45 Joer a sichen eng Aarbecht. Ech hunn zu Metz en Ofschloss am Commerce gemaach a war zéng Joer laang an enger Logistikfirma beschäftegt. No der Gebuert vu mengem éischte Kand hunn ech just nach hallef Deeg geschafft, a wéi ech dunn zwee Joer méi spéit nach Zwillinge krut, hunn ech ganz opgehale mat schaffen. Et ass net einfach, mat dräi Kanner nach e Beruff auszeüben. Meng Kanner ginn elo an de Lycée an ech wëll erëm gär schaffe goen. Mäin Zil ass et, no eventuelle Formatiounen erëm eng interessant Deelzäitaarbecht am Beräich Logistik ze fannen.



Mäin Numm ass Tom Becker, ech hu 25 Joer an ech sichen eng Aarbecht. No der Première hunn ech fir d'éischt e puer Stagë bei verschiddene Publicitéitsagencë gemaach, mee ech hu keng fest Plaz fonnt. Et ass schwiereg, als Stagiaire fest ugestallt ze ginn. Ech hunn du Produktdesign zu Wien studéiert an d'lescht Joer mäi Bachelor gemaach. Elo wëll ech Erfarungen an deem Beräich sammelen an dofir sichen ech eng Plaz bei engem Grafiker zum Beispill. Mäin Dram ass et, mech an e puer Joer selbstänneg ze maachen.



Ech heeschen Halida Bardani an hu 37 Joer. Ech hu Mathematik studéiert. Ech hunn am Irak als Mathésproff geschafft, mee mäin Diplom ass hei net unerkannt. Mäi Wee war zimmlech komplizéiert. Ech hunn elo Däitsch a Franséisch geléiert a muss nach e puer Exame maachen, bis ech hei Mathéscoursë ka ginn. Zu Lëtzebuerg ass et jo néideg, déi dräi offiziell Sproochen ze kennen. Ech sichen elo eng Plaz als Nohëllefsproff, mee net privat. Ech hoffen, an ongeféier dräi Joer de Concours fir Mathésproff hei maachen ze kënnen.



Ech sinn den Änder Krell a sichen eng nei Aarbecht. Ech schaffen am Moment op enger Bank, mee ech géif gär eppes Neies probéieren. Ech hu mat 19 Joer ugefaangen op der Bank ze schaffen, direkt no menger Première. Elo hunn ech 40 Joer a sichen en Challenge. Ech hunn nieft menger Aarbecht eng Ausbildung als Schräiner gemaach a wëll elo an deem Beräich schaffen. Ech wëll am Moment emol e Congé sans solde op der Bank huelen a kucken, ob ech als Schräiner och Succès hunn. Et ass spannend, eppes ganz Neies ze maachen. A wann alles klappt, da kann ech op der Bank kënnegen.

*2. Schreift d'Sätz fäerdeg.*

Dem Sophie säin Zil ass et, **eng Deelzäitaarbecht am Beräich Logistik ze fannen.**
Et ass net einfach, **mat dräi Kanner e Beruff auszeüben.**

Dem Tom säin Dram ass et, **sech selbstänneg ze maachen.**
Et ass schwiereg, **als Stagiaire fest ugestallt ze ginn.**

D'Halida hofft, **an dräi Joer de Concours fir Mathésproff maachen ze kënnen.**
Et ass néideg, **déi dräi offiziell Sproochen ze kennen.**

Den Änder huet ganz fréi ugefaangen, **op der Bank ze schaffen.**
Et ass spannend, **eppes ganz Neies ze maachen.**

## *6. Lauschtert a liest den Interview e puermol. Completéiert d'Sätz.* 92

- *Dir héiert elo am Kader vun der Emissioun „Schaffen zu Lëtzebuerg“ en Interview mam Här Krell, deen eng e bësse méi speziell Carrière gemaach huet. Den Interview huet d'Carole Stein geféiert.*

- Bonjour Här Krell, Dir sidd haut bei eis op Besuch, fir iwwert Är Beruffserfarungen ze schwätzen, déi e bëssen aussergewéinlech sinn. Dir waart net ëmmer Schräiner.
- *Jo, dat ass richteg. Ech hu mech eréischt mat 40 Joer decidéiert,* ***en neie Beruff ze wielen****.*
- Huet Ären ale Beruff Iech net gefall?
- *Dach, ech hu gär op der Bank geschafft, mee ech hunn ëmmer dovu gedreemt, eppes* ***mat mengen Hänn ze schaffen****.*
- Ze schaffen an ze schafen.
- *Jo, dat Kreatiivt huet mir a mengem Beruff als Employé ëmmer e bësse gefeelt.*
- Dir hutt also **Äre séchere Beruff opginn** a sidd Schräiner ginn?
- *Esou einfach war dat net. Ech hu parallel zu menger Aarbecht* ***eng Léier als Schräiner gemaach****.*
- War dat net ze vill?
- *Ech hat e Chef, dee mech verstanen huet an dee mir am Ufank* ***eng Deelzäitaarbecht accordéiert huet****. Ech hu meng Ausbildung an Owescoursë gemaach.*
- A wéi Dir Äre Schäin bis an der Täsch hat?
- *Do hunn ech mir fir d'éischt* ***e Congé sans solde gefrot****. Ech hat kee Problem, eng Plaz an enger klenger Schräinerei ze fannen a konnt do vill Erfarunge sammelen.*
- Mee dobäi sollt et net bleiwen.
- *Nee, ech hu gemierkt, datt mäin neie Beruff mer wierklech vill Spaass gemaach huet, an ech hunn decidéiert, meng Aarbecht bei der Bank komplett opzeginn. Ech hunn also gekënnegt a sinn an der Schräinerei* ***fest ugestallt ginn****.*
- Dir kritt elo 50 Joer an hutt Iech viru fënnef Joer **selbstänneg gemaach**. Dat war bestëmmt keen einfache Schrëtt.
- *Nee, et war jo e gewëssene Risiko domat verbonnen. Mee ech bereien et keng Minutt. Ech muss och soen, datt ech immens Chance hat, datt alles esou gutt gelaf ass.*
- Wat géift Dir Leit mat op de Wee ginn, déi och esou en Dram hunn?
- *Ech géif hinne soen: Lieft Ären Dram, maacht, wat Iech Spaass mécht, riskéiert eppes. Et ass derwäert.*
- Här Krell, ech soen Iech villmools Merci fir den Interview.

## *7. Sicht all d'Infinitivsätz mat „ze“ a schreift se eraus.*

- Dir sidd haut bei eis op Besuch, fir iwwert Är Beruffserfarungen ze schwätzen.
- Ech hu mech eréischt mat 40 Joer decidéiert, en neie Beruff ze wielen.
- … mee ech hunn ëmmer dovu gedreemt, eppes mat mengen Hänn ze schaffen.
- Ech hat kee Problem, eng Plaz an enger klenger Schräinerei ze fannen.
- … an ech hunn decidéiert, meng Aarbecht bei der Bank komplett opzeginn.

# Op Aarbechtssich Säit 71-76

*1. Liest d'Annonce a kuckt d'Sätz am Tablo. Ass dat richteg oder falsch? Kräizt un.*

| | Richteg | Falsch | Dat gëtt net gesot. |
|---|---|---|---|
| 1. Et ass eng Annonce fir eng Vollzäitaarbecht. | | X | |
| 2. Et geet ëm e feste Kontrakt. | X | | |
| 3. Et soll ee scho beruflech Erfarung hunn. | X | | |
| 4. Et muss een déi dräi Landessprooche schwätzen a schreiwe kënnen. | | X | |
| 5. Et soll ee gutt an enger Ekipp schaffe kënnen. | X | | |
| 6. Et muss ee reegelméisseg mat de Kanner erausgoen. | | | X |
| 7. Et geet ëm eng Aarbecht mat Puppelcher. | | X | |
| 8. Et kritt ee reegelméisseg Formatiounen. | | | X |

*2. Wat fir eng Äntwert passt? Kombinéiert.*

| | | |
|---|---|---|
| 1. Sidd Dir éiergäizeg? | 8 | Jo, ech soen ëmmer d'Wouerecht. |
| 2. Sidd Dir pünktlech? | 4 | Jo, ech schaffe gär a gutt mat aneren zesummen. |
| 3. Sidd Dir kontaktfreedeg? | 12 | Jo, ech fille mech net wuel bei Leit, déi ech net gutt kennen. |
| 4. Sidd Dir teamfäeg? | 10 | Jo, op mech kann een zielen. |
| 5. Sidd Dir gedëlleg? | 9 | Jo, ech wëll ëmmer alles wëssen. |
| 6. Sidd Dir belaaschtbar? | 6 | Jo, ech ginn och a schwieregen oder stressege Situatioune gutt eens. |
| 7. Sidd Dir upassungsfäeg? | 7 | Jo, ech ka mech gutt op nei Situatiounen astellen. |
| 8. Sidd Dir éierlech? | 2 | Jo, ech kommen ni ze spéit. |
| 9. Sidd Dir virwëtzeg? | 3 | Jo, ech schwätze gär mat anere Leit. |
| 10. Sidd Dir zouverlässeg? | 1 | Jo, ech wëll déi Ziler, déi ech mer gesat hunn, och erreechen. |
| 11. Sidd Dir selbstbewosst? | 5 | Jo, ech bleiwen ëmmer roueg. |
| 12. Sidd Dir schei? | 11 | Jo, ech weess, datt ech verschidde Saache gutt kann an ech hu vill Vertrauen a mech selwer. |

*4. Lauschtert den Dialog. Wat fir Adjektiver héiert Dir? Markéiert se.* *93*

**belaaschtbar**
éiergäizeg
fläisseg
flott
**gedëlleg**
**grouss**

**interessant**
**jonk**
**kleng**
kontaktfreedeg
**kreativ**
**liewensfrou**

**naturverbonnen**
**onselbstänneg**
**teamfäeg**
technesch begaabt
virwëtzeg
zouverlässeg

## *5. Lauschtert den Dialog nach e puermol a completéiert den Text.* 94

- An? Hues du schonn **eng interessant** Annonce an der Zeitung entdeckt?
- *O jo! Ech mengen, déi Plaz hei an* ***enger klenger*** *Crèche ass ganz interessant. Hei kuck emol. Do siche se eng Educatrice fir 20 Stonnen d'Woch an et ass nobäi. Dat ass jo genee dat, wat ech sichen.*
- Hmm jo, mee mengs du wierklech, datt dat eppes fir dech ass?
- *Wéi mengs du dat? A firwat dann net?*
- Ma kuck, si sichen eng Persoun, déi schonn Erfarung an deem Beräich huet. An deem Domaine hues du jo awer nach ni geschafft!
- *Ech hu* ***kleng*** *Kanner jo awer ganz gär an, wéi ech méi jonk war, sinn ech dacks an der Noperschaft babysitte gaangen!*
- An der Rei, mee ech mengen net, datt dat duergeet. A kuck, hei steet, datt ee mat **klengen** Däbbessen tëschent zwee a véier Joer schaffe muss. Déi si jo awer nach zimmlech kleng an onselbstänneg. An et soll ee belaaschtbar a gedëlleg sinn. Du sees jo awer selwer vun dir, datt s du **kee gedëllege** Mënsch bass.
- *Jo, dat stëmmt.*
- An hei steet och nach, datt si **eng teamfäeg** Persoun sichen. No denger leschter Aarbecht hues du selwer gesot, datt s du ni méi an enger Ekipp schaffe wëlls. Oder net?
- *Jo, dat hunn ech gesot. Do hunn ech awer och an* ***enger grousser*** *Ekipp geschafft. Ech mengen, mat* ***engem klengen*** *Team hätt ech kee Problem!*
- Jo mee kuck, hei ënne steet och nach, datt si **eng kreativ** Persoun sichen. An naturverbonne soll een och sinn. Du gees iwwerhaapt net gär an de Bësch spadséieren a scho guer net, wann et reent.
- *Jo mee lauschter Thierry, ech gi jo awer gär emol am Summer* ***e klengen*** *Tour tréppelen an ech kommen aus* ***enger kreativer*** *Famill . Meng Schwéiermamm ass jo eng Kënschtlerin an huet esouguer en eegenen Atelier. An ech hunn* ***e grousst*** *Häerz an* ***e liewensfroue*** *Charakter. Dat siche se nämlech och.*
- O Mamm, Joulie, ech weess awer net, ob dat soll duergoen.
- *Jo, et ass jo scho gutt. Vläicht hues de Recht. Ech kucke virun.*

## *8. Wat fir Leit sichen d'Firmaen? Kuckt de Modell a schreift jee dräi Sätz zu deenen aneren zwou Annoncen.*

*Zum Beispill:*
D'Firma LuxImmo sicht eng Persoun, déi op d'mannst dräi Joer Beruffserfarung huet.
D'Firma LuxImmo bitt en Job, an deem een och administrativ Aarbechte maache muss.
D'Firma LuxImmo sicht een, dee gutt organiséiert a polyvalent ass.

Voyages Molitor sicht e Buschauffer, deen och technesch begaabt ass.
Voyages Molitor sicht eng Persoun, déi kontaktfreedeg ass.
Voyages Molitor proposéiert eng Aarbecht, an där een e gudden Orientéierungssënn brauch.

## *10. Lauschtert den Interview nach e puermol. Wat fir Froe krut de Kandidat gestallt? Notéiert.* 96

**Firwat wëllt Dir d'Aarbecht wiesselen?**

**Wéi vill géingt Dir gär verdéngen?**

**Firwat mengt Dir, dee richtege Kandidat fir dës Plaz ze sinn?**

**Sidd Dir en organiséierte Mënsch?**

**Firwat wëllt Dir grad fir eise Betrib schaffen?**

**Wat fir Sprooche kënnt Dir schwätzen?**

**Wat ass Äre konkreeten Niveau an deene Sproochen?**

**Wou gesitt Dir Iech a fënnef Joer?**

## *11. Lauschtert d'Gespréich tëschent dem Leo a senger Frëndin e puermol a completéiert den Text.* 97

- Salut! Ech sinn et! Ech komme lo grad aus engem Jobinterview! An déi Direktesch do huet mer lauter komesch Froe gestallt!
- *Salut Leo! Beroueg dech emol. Wat wollt se da wëssen?*
- Majo, fir d'éischt huet si gefrot, **firwat ech d'Aarbecht wiessele wëll.** A wéi ech gesot hunn, ech géing op menger Schaff net genuch verdéngen, dunn huet si mech gefrot, **wéi vill ech da gär verdénge géing**! Ass dat normal, datt een dat gefrot gëtt?
- *Jo, u sech schonn. Dat ass eng heefeg Fro an Interviewen. Wat wollt si dann nach wëssen?*
- Si huet natierlech gefrot, **firwat ech dee richtege Kandidat fir dës Plaz sinn**. Do war ech drop virbereet an do hunn ech gutt geäntwert, mengen ech. Mee du wollt si wëssen, **ob ech en organiséierte Mënsch sinn**. Ech hunn alt mol „Jo" gesot, mee dat war net immens iwwerzeegend, mengen ech.
- *Hmm, du bass jo och éischter e Chaot!*
- Jo, mee dat däerf ee jo net soen. Si wollt och nach wëssen, **firwat ech grad fir hire Betrib schaffe wëll**. Dat war och o.k. Mee bei de Sproochen, o jee … Si wollt wëssen, **wat fir Sproochen ech schwätze kann** an dunn huet si och nach gefrot, **wat fir en Niveau ech an deene Sproochen hunn**.
- *Sou wéi B1, B2 an esou weider?*
- Jo, genee. Ech wousst dat net. An als Lescht wollt si dunn nach wëssen, **wou ech mech a fënnef Joer gesinn**. Pff, ech weess jo mol net, wou ech mech a fënnef Woche gesinn !
- *O, gëff elo net granzeg. Et war bestëmmt net esou schlecht !*
- Dach. D'Direktesch huet vill Froe gestallt, op déi ech keng richteg Äntwert wousst. Moies waren anscheinend schonn zwee Kandidaten do, déi ganz interessant waren. Et gëtt also Konkurrenz!

## *14. Kuckt d'Annonce vun der Firma Technolux nach eng Kéier. Liest den Dialog an notéiert déi positiv an déi negativ Punkte fir all Kandidat.*

| Kandidat 1<br>Här Arendt | Kandidatin 2<br>Madamm Stelmes | Kandidatin 3<br>Madamm Moriutto |
|---|---|---|
| positiv:<br>- déi meescht Experienz<br><br>negativ:<br>- Famill, vill verschidden Hobbyen<br>- politesch ganz aktiv<br>- stressegen Alldag<br>- am mannsten Zäit | positiv:<br>- déi mannst perséinlech Verpflichtungen<br>- am meeschten Zäit<br>- schwätzt all d'Landessproochen<br><br>negativ:<br>- manner Beruffserfarung wéi den Här Arendt | positiv:<br>- staark Ausstralung, am sympatheschsten<br>- déi bescht Formatioun<br><br>negativ:<br>- keng Beruffserfarung |



*16. Kuckt d'Këscht mat de Superlativformen. Liest den Dialog nach eng Kéier a markéiert all d'Superlativen.*

- A, gutt datt s de kënns. Hei sinn déi dräi méiglech Kandidate fir déi Plaz als Verkeefer hei bei eis. Hues du kuerz Zäit? Da kéinte mir eng Kéier zesummen driwwer kucken an entscheeden, wien am beschte passt a wie mir an d'Virstellungsgespréich ruffen.
- *Jo, ech hunn ee Moment. Hues du da schonn e Favorit?*
- Jo. Also, ech fannen den CV vum Här Arendt am interessantsten. Hien huet déi meescht Experienz an deem Domaine an esou och déi bescht Viraussetzungen.
- *Jo, do hues de Recht. Hien huet awer och eng Famill, vill verschidden Hobbyen, a wéi een hei liese kann, ass hien och politesch ganz aktiv. Wann een déi dräi Kandidate matenee vergläicht, dann huet den Här Arendt awer bestëmmt dee stressegsten Alldag.*
- Jo, deen Här huet bestëmmt vill ëm d'Oueren a vun allen dräi am mannsten Zäit, fir och mol méi laang ze schaffen. A wat häls du hei vun der Madamm Stelmes? Hiren CV ass och net schlecht.
- *Jo, hiren CV ass och net dee schlechtsten. Si huet e bësse manner Beruffserfarung wéi den Här Arendt, mee si huet déi mannst perséinlech Verpflichtungen an esou och bestëmmt am meeschten Zäit. A wéi een hei liese kann, ass si déi eenzeg Kandidatin, déi all eis Landessprooche schwätzt. Dat ass jo awer och vu Virdeel.*
- A kuck mol deen hei. Wat sees du zum CV vun der Madamm Moriutto? Wann ech d'Fotoe kucken, da fannen ech, datt si déi stäerksten Ausstralung huet a si am sympatheschste kuckt.
- *Jo, dat stëmmt. Si huet awer leider nach iwwerhaapt keng Beruffserfarung, mee si huet vun allen dräi Kandidaten déi bescht Formatioun. Datt gëtt awer eng schwéier Entscheedung.*
- Tjo, also sou wéi ech d'Saach gesinn, sollte mir all d'Kandidaten an d'Virstellungsgespréich ruffen an eréischt duerno decidéieren, wie sech am beschte fir dës Plaz eegent. Wat mengs du?
- *Jo, da maache mir et esou. Da kann ech jo elo viruschaffen. Da looss eis hoffen, datt dat déi schwéierst Decisioun fir haut bleift.*

# Expressiounen op Lëtzebuergesch Säit 77

*1. Lauschtert den Text a kräizt déi richteg Äntwerten un.* *98*



1. E **Lidderhanes** ass een,
- [ ] dee gär Lidder séngt.
- [x] deen net gär schafft.
- [ ] dee vill Aarbecht huet.



2. E **Knéckjang** ass een,
- [ ] deen eng gutt Pai huet.
- [ ] dee gär Kaddoe mécht.
- [x] dee seng Suen net gär ausgëtt.



3. En **Ierbessenzieler** ass een,
- [ ] deen an engem Restaurant schafft.
- [ ] dee Bicher schreift.
- [x] deen alles genee nozielt.



4. En **Tutebatti** ass een,
- [x] deen dacks téint a vill schnësst.
- [ ] deen en Instrument spillt.
- [ ] dee vill erlieft huet.



5. E **Paltongszéier** ass een,
- [ ] deen ëmmer schick ugedoen ass.
- [x] deen alles mécht, fir dem Chef ze gefalen.
- [ ] dee fläisseg ass.



6. E **Stoussnéckel** ass een,
- [x] deen ëmmer d'Schold kritt.
- [ ] dee gär de Geck mat de Leit méch
- [ ] deen alles falsch mécht.

*2. Liest a probéiert, d'Spréchwierder richteg ze kombinéieren. Lauschtert duerno a kontrolléiert.* *99*

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1. | Et ass nach kee Meeschter | 6 | kachen am beschten. |
| 2. | Pabeier | 5 | ass d'hallef Aarbecht. |
| 3. | Ze vill Käch | 3 | verdierwen de Bräi. |
| 4. | Eng Hand | 8 | d'Trap eropgefall. |
| 5. | E gudde Kommando | 2 | ass gedëlleg. |
| 6. | Déi al Dëppe | 7 | zwou lénker Hänn. |
| 7. | Hien huet | 1 | vum Himmel gefall. |
| 8. | Hien ass | 4 | wäscht déi aner. |

*3. Wat heeschen dës Sätz? Maacht Gruppen a sicht fir e puer Sätz eng Erklärung. Tauscht Iech duerno an der Klass aus.*

*Zum Beispill:*

„Et ass nach kee Meeschter vum Himmel gefall" heescht, datt ee muss üben a léieren, fir gutt ze ginn.

„Pabeier ass gedëlleg" heescht, datt e Projet laang um Pabeier stoe kann, ouni realiséiert ze ginn.

„Ze vill Käch verdierwen de Bräi" heescht, datt et net ëmmer gutt ass, wann ze vill Leit un engem Projet schaffen.

„Eng Hand wäscht déi aner" heescht, datt een deem aneren hëlleft.

„E gudde Kommando ass d'hallef Aarbecht" heescht, datt d'Aarbecht méi effikass gemaach ka ginn, wann d'Instruktioune kloer sinn.

„Déi al Dëppe kachen am beschten" heescht, datt Leit mat Erfarung dacks am beschte schaffen.

„Hien huet zwou lénker Hänn" heescht, datt deejéinegen net gutt mat sengen Hänn schafft, also handwierklech net begaabt ass.

„Hien ass d'Trap eropgefall" heescht, datt deejéinege Carrière gemaach huet, ouni sech vill unzestrengen.